vum gudde Personal, well hei gëtt, wéi et scho gesot ginn ass, eng Ongerechtegkeet opgehuewen, déi säit Jore bekannt ass.

An et ass och wichteg – dat wëll ech och eng Kéier ganz kloer soen –, datt, wann en Urteel vun engem Verfassungsgeriicht do ass, dat och muss Konsequenze kréien. Mir kenne vill Domänen oder eng Rei Domänen, wou dat net ëmmer de Fall ass. Duerfir ass et och wichteg, datt hei den éischte Pouvoir déi do Decisioun hëlt.

Ech wëll elo net erëm op de ganze Passé zréckgoen. Ech ka just soen: D'Regierung hält Wuert. Iwwer 400 Polizistinnen a Polizisten kommen an de Genoss vun där Opwäertung vun der Karriär C1 an de B1. A jo, och am Dialogue social mat de Gewerkschafte konnten eng ganz Rei Detailer gereegelt ginn, well eeben, an dat ass ganz wichteg, de Polizist/d'Polizistin d'Méiglechkeet kritt, eng Demande ze maachen, an da wierklech virgerechent kritt: Wat ass de Virdeel vun der Voie expresse oder wat ass eeben de Virdeel, wann ech vum C1 an de B1 kommen?

Jo, et ass eng Unerkennung vun der Aarbecht vun de Polizisten a Polizistinnen. Et ass awer natierlech och eng Unerkennung vun dem Premièresdiplom an dësem spezifesche Fall, well, wéi gesot, d'Verfassungsgeriicht och ganz kloer gesot huet, datt dat eng Ongerechtegkeet virum Gesetz ass. Iwwer 400 Agente kommen elo an de Genoss vun där Opwäertung. Jo, dat huet e gewëssene Präis, mee dat ass och – dat soen ech ganz kloer – de Präis, fir e gudden, motivéierte Corps vun der Police ze hunn.

An ech schléisse mech deem Merci un, deen hei vun alle Parteie gesot ginn ass un déi, déi sech dagdeeglech fir d'Sécherheet an d'Sécherheetsgefill vun eis alleguer asetzen. Mir hu se gëschter beklatscht. Bei der Parad vun Nationalfeierdag konnte mer gesinn, wéi gutt se trainéiert sinn, forméiert sinn. Adequat Material ass virgefouert ginn. An d'Police ass e wichtege Pilier vum Rechtsstaat. An haut soen d'Regierung an d'Chamber – an ech si frou, datt dat jiddwereen hei gesot huet – hinne Merci, andeem dës Reform gestëmmt gëtt.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

An éier mer zur Ofstëmmung vum Projet de loi kommen, wëll ech soen, datt mer elo just gemellt ginn ass, datt sechs Ecranen net géinge fonctionéieren. Dat heescht an anere Wierder, datt och d'Stëmmanlag net géing fonctionéieren, soudatt ech géing proposéieren, datt mer et esou géinge maachen, datt déi, wou den Ecran fonctionéiert, géingen um Ecran ofstëmmen. An da maache mer en Appel nominal fir déi, wou den Ecran net fonctionéiert, fir datt dat och alles richteg an nominell richteg enregistréiert gëtt.

Kënnt Der mer just soen, wiem säin Ecran net fonctionéiert? Dem Här Zeimet säin, dem Här Bauer säin, dem Här Schaaf säin, der Madamm Morgenthaler hiren an dem Här Weiler säin.

*(Brouhaha)*

Elo hunn ech fënnef Leit. Ass dat richteg?

*(Assentiment)*

Gutt. Ok. Majo, da maache mer déi, wann Der d'accord sidd, mat Appel nominal no. Ech géing dann och bieden, datt weeder fir den Här Zeimet nach fir den Här Bauer nach fir den Här Schaaf nach fir d'Madamm Morgenthaler nach fir den Här Weiler ee vun der CSV mat Procuratioun géing matstëmmen, fir datt mer dat och richteg enregistréiert kréien, well mer déi da mat Appel nominal duerno maachen. Dat also als Klarifizéierung zur Prozedur.

Da géing ech elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8452 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8452[8].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8452 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An domat schléissen ech dann dëse Vott of. A mir géingen nach den Appel nominal derbäihuelen.

*(Appel nominal de 5 députés en raison d'un problème technique)*

An d'Resultat vum Vott ass also alles zesummegezielt: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also à l'unanimité ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Marc Spautz), Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par Mme Barbara Agostino), Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt (par Mme Taina Bofferding), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Dan Biancalana) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 12. 8529 – Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Käerjeng et la Commune de Pétange

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. An Zwëschenzäit probéiere mer och, ob mer déi Ecranen erëm un d'Fonctionéiere kréien. Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 8529 iwwert d'Ännerung vun de Grenzen tëschent der Käerjenger an der Péitenger Gemeng.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Claude Wiseler,** Président | D'Riedezäit ass e Basismodell. Dir kennt de Basismodell. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Michel Wolter, ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Claude Wiseler,** Président | ... den Här Luc Emering, den Här Dan Biancalana, den Här Tom Weidig, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif alleguer, mam Gesetzesentworf 8529 sollen d'Grenzen tëschent de Gemenge Käerjeng a Péiteng geännert ginn.

D'Haaptzil ass et, ongläich Opdeelungen tëschent deenen zwou Gemengen ofzeschafen, wéi zum Beispill d'Grenz an der Avenue de l'Europe, déi an Zukunft soll an der Mëtt vun der Strooss verlafen. Och déi verschidden Aufgaben, déi eng Gemeng an enger Strooss huet, wéi d'Sécherheet, den Ënnerhalt an d'Gestioun vun den Infrastrukturen, sollen an Zukunft ganz op déi Gemeng zeréckgefouert kënne ginn, zu där d'Strooss gehéiert. Dofir sollen an Zukunft d'Rue de la Piscine an d'Rue Jacques Chauvin ganz zu Péiteng an d'Rue Jules Hemmer an d'Rue des Ateliers ganz zu der Gemeng Käerjeng gehéieren.

Et gëtt nach zwee konkreet Beispiller, duerch déi skurrill Situatioune behuewe ginn. Sou leien d'Tennisterraine vum Tennis Club Péiteng aktuell deelweis um Gebitt vun der Gemeng Käerjeng. Dëst wäert an Zukunft net méi de Fall sinn an de ganze Site vum Tennisclub vu Péiteng wäert och an dëser Gemeng leien. Donieft soll sech och de ganze Site vun der CFL technics SA an Zukunft um Gebitt vun der Gemeng Käerjeng befannen.

Et ginn och eng Rei Terraine getosch, awer net grad eent zu eent. Den Detail zu den Terrainen, déi getosch ginn, fannt Der a mengem schrëftleche Bericht. Insgesamt wäert d'Gemeng Péiteng eppes Klenges méi wéi dräi Hektar méi kréien.

Zum Werdegang vun dësem Gesetzesentworf sief Follgendes gesot: Dës Ännerunge sinn Enn d'lescht Joer vun de Gemengeréit vun deenen zwou betraffene Gemengen duerch eng Ofstëmmung an d'Weeër geleet ginn. An den Inneminister Léon Gloden huet de Gesetzesentworf den 22. Abrëll deponéiert.

A punkto Avise gouf et nëmmen dee vum Staatsrot, deen awer bis op e puer legistesch Bemierkunge keng weider Observatiounen hat. De Bericht ass den 11. Juni an der Kommissioun ugeholl ginn.

De Käerjenger Buergermeeschter wäert sech eng Freed draus maachen, Iech herno d'Positioun vun der CSV duerzeleeën.

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Morgenthaler villmools Merci fir hire schrëftlechen an hire mëndleche Rapport a ginn dem éischten ageschriwwene Riedner d'Wuert. Dat ass den Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Michel Wolter** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech versti jo Är Begeeschterung fir dëse Projet. An eigentlech geet et op en trauregt Event zréck. Den Ufankspunkt vun dësem Dossier, Dir kënnt Iech vläicht nach drun erënneren – an ech war selwer erstaunt, wéi ech dat haut um Internet nogekuckt hunn –, war, datt viru ronn, zimmlech genau op de Mount, zéng Joer, e klenge

Puppelche bei de Lénger Weiere verschwonnen ass a grouss ugeluechte Recherchen du gemaach gi sinn. De Procureur huet dunn déi zwee Buergermeeschteren dohinner geruff a mir hunn do misse feststellen, dass dat Ganzt, wat d'Lénger Weiere sinn ... Lénger ass eng Uertschaft vun der Gemeng Käerjeng, mee den Terrain, iwwert dee mer geschwat hunn, war awer um Territoire vun der Gemeng Péiteng.

An no deem Evenement hu mer eis du beieneegesat an hunn eis d'Fro gestallt, ob mer net nach aner Punkten hätten, wou mer eventuell kéinten iwwer eng Grenzbegradegung Problemer ewechhuelen.

D'Madamm Morgenthaler huet de Gros dovunner genannt. Dat eent, dat ass d'Avenue de l'Europe, wou déi eng Gemeng mol déi eng Säit, déi aner déi aner Säit Terrainen hat, wou mer d'Grenz elo an d'Mëtt geluecht hunn. Dann hu mer dräi Stroossen, wou mer ëmmer gemeinsam hu missen driwwer befannen, an zwar d'Rue de la Piscine, d'Rue des Ateliers an d'Rue Jacques Chauvin, wou der zwou u Péiteng ginn an eng u Käerjeng, an zwar da ganz, mat allem, wat drugehéiert.

D'Madamm Morgenthaler huet och gesot, datt de PAG vun der Gemeng Käerjeng duerch den Atelier vun der CFL vu Péiteng gaangen ass, dass déi also am Prinzipp allkéiers eng duebel Autorisatioun gebraucht hätten. Do hu mer och d'Grenzen esou geréckelt, datt den Atelier, also dee wierklechen Deel vum Atelier – net d'Annexen, mee dee wierklechen Deel vum Atelier –, ganz op Péiteng geet.

Den Tennis vu Péiteng ass och schonn ernimmt ginn, wou den Terrain op eisem Terrain war an d'Buvette zu Péiteng. Dat geet elo alles op ...

*(Interruption)*

Jo, dee wichtegen Deel war zu Péiteng.

*(Hilarité)*

Dat ass ganz ... Also net fir déi, déi spillen. Mee dat geet ganz op Péiteng eriwwer, nodeem mer eis beieneegesat hunn. Ech soen och dem Här Mellina, dem fréiere Buergermeeschter vu Péiteng, dee mat mir zesummen deen Dossier do an eise Servicer ausgeschafft huet, e grousse Merci.

Jo, mir gi méi kleng, ëm dräi Hektar, well mer net wollten elo alles do mussen a Beweegung setzen, fir do „null von null geht auf" ze kréien. Au contraire, dat huet d'Madamm Morgenthaler net gesot, déi eenzeg Informatioun, déi ech hei ka bäifügen, dat ass déi, dass mir 13 Awunner bäikréien.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Michel Wolter** (CSV) | Well duerch de Fait, dass d'Rue des Ateliers ganz op Käerjeng kënnt, réckelt een Appartementshaus, wat déi aner Säit vun der Strooss stoung, och elo dann op eis Säit, an da kucke mer dann, ob déi 13 Awunner déi dräi Hektar kompenséieren. Dat hänkt e bësse vum Inneminister of a vun der Aart a Weis, wéi en d'Krittäre festleet fir de Subventionnement vun de Gemengen.

Et ass e flotte Projet. Et ass virun allem e Projet, deen eis d'Aarbecht méi einfach mécht, dee kloer ofgrenzt, wat d'Responsabilitéite vun deenen engen a vun deenen anere sinn. Et ass en Dossier, wou ee gesinn huet, dass et méi komplizéiert ass wéi dat, wat ee mengt, well ganz vill Viraarbecht – mir ware bal zéng Joer elo ënnerwee – muss gemaach ginn, ier et hei an der Chamber op den Ordre du jour kënnt.

An ech géif profitéiere vun der Geleeënheet, fir all deenen, déi, ob an där enger, där anerer Gemeng oder beim Staat an deene verschiddenen Instanzen, eis gehollef hunn, dee Projet hei iwwert den Instanzewee ze kréien, Merci ze soen. Villmools merci och fir Är geschätzten Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Wolter Merci fir déi zousätzlech Prezisiounen a ginn dann dem Här Luc Emering d'Wuert. Här Emering.

**M. Luc Emering** (DP) | Merci, Här President. Mir fannen dat heiten eng ganz gutt Saach a géifen dat och matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Très bien, Här Emering. An dann ass et um Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Mir géifen och als LSAP dat heite matstëmmen. Ech mengen, dass dat Gesetz hei eng Rei Kloerheete mat sech bréngt um Niveau vun de Gemengegrenzen. D'Rapportrice an den Här Wolter sinn drop agaangen. Et mécht also de Gemengenautoritéite villes méi einfach, mee virun allem awer och well d'Gemengeréit dës Echangen och eestëmmeg gestëmmt hunn an hire Gemengeréit. Dat wier et awer och mat der Preambel.

Bon, dat ass och net ganz verwonnerlech, well ech mer och vum Kolleeg Yves Cruchten soe gelooss hunn, dass béid Gemengen a villen Domäne mateneen zesummeschaffen, sech och zesumme mat Déifferdeng a Suessem e Gemengesyndikat geschaf hunn. An d'Gemenge Péiteng a Käerjeng hunn och nach weider, mengen ech, Projeten, e gemeinsaamt Policekommissariat an e gemeinsame Rettungszenter, wou se och weider zesummeschaffen, nieft dësem Fait, wéi se et bis elo gemaach hunn. An dofir vläicht vun dëser Plaz aus nach eng Fro un de Minister, wéi wäit do d'Planunge si ronderëm dat gemeinsaamt Polizeikommissariat an och de Rettungszenter.

Mee wéi gesot, mir stëmmen dat heite mat. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Biancalana. Här Weidig, et ass un Iech.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, wann zwee sech eens sinn, da soll een net derzwëschentfunken. An duerfir wäerte mir dat matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Jo, effektiv, wann déi Péitenger an déi Käerjenger sech eens ginn, da soll een dat vun hei aus ënnerstëtzen. Ech felicitéieren dann deenen 13 Péitenger, déi elo Käerjenger gi sinn. Ech hoffen, dass do mat der Schoul alles gekläert ass oder mat der Maison relais.

*(Interruption)*

Et ass alles gekläert. Mir ginn eis Zoustëmmung. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Effektiv, et ass flott, e Projet, deen een am Gemengerot ugefaangen huet, herno an der Chamber hei kënne matzestëmmen. A fir eis als Gemengerot huet dat Ganzt ugefaangen, wéi deemools de Käerjenger Schäfferot an de Buergermeeschter eis bei sech invitéiert haten a ganz transparent dee ganze Projet erkläert hunn an eis och esou erkläert hunn, dass mer als Péitenger gesot hunn: „A, dat doten, dat mécht direkt Sënn", soudass mer als Péitenger och gesot hunn: „Mir gi mat op deen dote Wee."

Jo, et ass och eng wichteg Kräizung, déi elo do wäert mat gereegelt ginn. An den Här Wolter huet et schonn ugekënnegt: Et gëtt och Awunner, déi wäerte vu Péiteng op Käerjeng iwwerwiesselen, well jo nun emol eng Residenz do stoung, wéi d'Strooss scho Richtung Käerjeng war, awer d'Residenz nach zu Péiteng war, wat weist, wéi wichteg eigentlech dës Ännerunge sinn. Et sinn och aner Beispiller dran, wou een hätt kënne soen, dass verschidde Leit zu Péiteng gewunnt hunn, hire Gaart, hir Wisen hannendrun awer zu Käerjeng war, soudass deementspriechend dat heiten eppes ganz Sënnvolles ass, wat effektiv deemools nach de Buergermeeschter Mellina mam Här Wolter ausgehandelt huet an elo den Här Halsdorf da finaliséiert huet. Zwee Exinneministeren hunn dat hei do zum Finale bruecht.

Effektiv war och nach en aneren Dossier mat dran, deen e bësse méi däreg ass. Dat ass déi Geschicht mam Policebüro. Do war eigentlech am Ufank e Projet, an dee gouf och schonn hei an der Chamber oft kommentéiert. D'Iddi war, CGDIS, Police, alles tëschent Péiteng a Lénger, do, wou déi Tennisterraine sinn, awer déi aner Säit, ze leeën. Leider konnt deemools mam Entrepreneur net verhandelt ginn, fir dass de Präis akzeptabel wär, soudass dee Projet net zustane koum, wat awer gutt war, well deemools d'Finanzministesch net egal wéi e Präis wollt bezuelen.

Mee et gëtt awer elo nei Léisungen – an den Inneminister wäert sécherlech herno nach eng Kéier op déi Fro agoen –, soudass och do op deenen Terrainen direkt nieft dem Tennis wäert en neie Policebüro entstoen, wat immens wichteg ass fir béid Gemengen, an, wann d'Plaz sollt duergoen, och nach de CGDIS, well dat immens wichteg ass an eist CGDIS-Gebai zwar grouss ass, awer an Tëschenzäit och an d'Jore kënnt.

Dat heiten ass eng gutt Ännerung. A wéi eis véier Piraten zu Péiteng wäerte mir et och haut matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. An da kritt den Här Marc Baum d'Wuert. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. No all deene sachkundegen Erklärunge vu Betraffenen an awer och vun der Rapportrice kann ech just feststellen, datt déi Péitenger a Käerjenger ganz verstänneg Leit sinn. An duerfir gi mir och eisen Accord heizou.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum.

Wëllt d'Regierung nach eppes soen? Här Inneminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Merci, Här President. Zwee fréier Inneministeren tauschen Terrainen ënner sech. Ech begréissen och dee gesonde Mënscheverstand an deem hei Dossier. Et ass an aller Transparenz diskutéiert ginn, verhandelt ginn. An duerfir si mer frou, dass mer dee Projet hei konnten areechen.

An op déi verschidde Froen zu dem Projet vun der Policekasär an der Pompjeeskasär: D'Diskussioune lafen och do. Mam gesonde Mënscheverstand wäerte mer och dee Projet hikréien.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Inneminister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss. An da géinge mer zur Ofstëmmung kommen. Ech gesinn, datt déi Ecranen nach net fonctionéieren. Dat heescht, mir mussen de Problem bei der zweeter Rei vun der CSV den Owend klären, ...

*(Hilarité)*

... fir datt dat muer erëm alles fonctionéiert.

An da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8529. Den Text steet am Document parlementaire 8529[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8529 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt u fir déi, wou den Ecran geet. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Ok. De Vott ass da provisoresch ofgeschloss. A mir géingen och hei nach den Appel nominal mat derbäihuelen.

*(Appel nominal de 5 députés en raison d'un problème technique)*

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also à l'unanimité ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Françoise Kemp), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par M. Guy Arendt), Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt (par M. Georges Engel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Dan Biancalana) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 13. 8542 – Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale

Da komme mer zum leschte Projet de loi vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8542, enger Ofännerung vum Code de procédure pénale, nodeems eng Dispositioun iertemlecherweis gelöscht gouf. Ech erënneren Iech drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat" ass an deemno follgendermoossen opgedeelt ass: D'Rapportrice huet 5 Minutten Zäit an d'Regierung, wa se da wëllt, och 5 Minutten. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, léif alleguer, mam Gesetzesentworf 8542 soll am Code de procédure pénale am Artikel 45 den Abschnitt 2 vum Paragraf 2 erëm erageholl ginn. Dësen ass beim Gesetz zu der Ëmsetzung vu verschiddene Reglementer zum SIS, dem Système d'information Schengen, vum 18. Dezember 2024 iertemlecherweis verschwonnen.

Sou sollen da Fouillë vu Persounen, déi duerch d'Gesetz vum 3. Februar 2023 am Code de procédure pénale agefouert gi waren, erëm méiglech gemaach ginn. Et handelt sech also heibäi nëmmen ëm eng Korrektur vun engem Feeler.

De Gesetzesentworf ass de 16. Mee 2025 vum Inneminister deponéiert ginn. De Staatsrot hat weider keng Observatiounen zu dem Virschlag, ausser e puer legistesch Bemierkungen, soudass de Bericht direkt an der Sëtzung vum 11. Juni konnt ugeholl ginn.

Ech soen Iech elo schonn am Viraus Merci, dass Der dës Ännerunge matdrot.

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Madamm Morgenthaler, fir Äre mëndlechen a fir Äre schrëftleche Rapport.

Wëllt d'Regierung eppes dozou soen? Här Inneminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Merci der Chamber, datt mer hei schnell konnten handelen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Inneminister. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Da kéime mer zur Ofstëmmung vum Projet de loi, mat dem selwechte System wéi virdrun.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8542 et dispense du second vote constitutionnel***

Ech maachen de Vott op. Vote par procuration. Voilà.

*(Appel nominal de 5 députés en raison d'un problème technique)*

Dann ass d'Resultat vum Vott dat follgend: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmmen, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen à l'unanimité ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Alex Donnersbach), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par Mme Barbara Agostino), Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt (par M. Ben Polidori), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Dan Biancalana) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

An domat si mer dann och um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

An d'Sëtzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 17.21 heures.)*